



SANDWEILER

sandweiler@csv.lu

Commune de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 22 Oktober 2023

Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 26.10.2023

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengeréit erlaben sech lech folgend Froen ze stellen a géifen sech iwwer eng Äntwert am Gemengerot vum 26.10.2023 freeën. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mir lech an der Suite ons Är Äntwert an engem rasonablen Delai schrëftlech zoukommen ze loossen.

Fro 1:

Um Donneschde 5. Oktober huet déi éischt Biergerstonn stattfonnt. Wéi vill Bierger hu vun dëser Offer profitéiert? Goufen ausschliisslech Froe gestallt déi just de Froesteller betreffen oder huet de Schäfferot och Froe gestallt kritt déi vun ëffentlechem Interessi sinn? Wann Jo, wéi eng Fro(en) a wéi gouf drop geäntwert? Wéi ginn an Zukunft Froe vun ëffentlechem Interessi dem Gemengerot matgedeelt?

Fro 2:

Wéi laang ass geplangt dass de Chantier an der rue Hiel dauert? Wéini ginn eventuell Stécker dovun nees fir d'Awunner vun der Strooss op? Vu de Chantier op der Kräizung rue des Romain / rue d'Itzig ab dem 23.10.23, ass dat richtig sou, dass all Awunner aus dem „Eck“ muss bis erof bei d'Apdikte muss fuere wann e Richtung Stad well?

Fro 3:

Am Gemengerot vum 26.09.2023 huet d'Oppositioun vum Schäfte Claude Mousel eng schrëftlech Äntwert ob hir Froe versprach kritt. Wéini kann d'Oppositioun mat dëse schrëftlechen Äntwerte rechnen?


Romain DUMONG
Conseiller


Jean LEMMER
Conseiller


Simone MASSARD-STITZ
Conseillère

Commune de Sandweiler											
n° Ges:											
cl: 23 OCT. 2023											
B	CE	SA	ST	RP	IC	RH	RE	PO	SC		
BN	GC	HL	LS	NP	RC	RG	SI	SM	SS		
FCS 11/12/13 14/15 16/17 18/19											